

# Gemeinderat Bissen verabschiedete Haushalt 1998

Hauptpunkt der letzten Tagesordnung der Räte aus Bissen in diesem Jahr war der Haushaltsplan für 1998, der gegen die Stimmen der Ratsmitglieder Gielen, Schmit und Sinner nach langen Diskussionen genehmigt wurde.

Die Eckwerte des Haushaltsplans sehen im gewöhnlichen Haushalt Einnahmen von 190 479 610 F, Ausgaben von 125 548 921 F und somit einen Überschuss von 64 930 689 F vor. Zusammen mit dem Gewinn aus dem Vorjahr in Höhe von 180 539 512 F ergibt sich ein Gesamtüberschuss von 245 470 201 F.

Der außergewöhnliche Haushalt geht von Einnahmen in Höhe von 40 032 165 F bei Ausgaben von 142 891 959 F aus, was ein Defizit von 102 859 794 F ergibt. Nach Übertragung desselben Malis in den gewöhnlichen Haushalt verbleibt ein definitiver Gewinn von 146 120 381 F.

Bei den außergewöhnlichen Ausgaben sind u.a. vorgesehen: Anschaffung eines Geländefahrzeuges 800 000 F, Feuerwehrlokal 10 000 000 F, Mannschaftswagen 1 500 000 F, Vergrößerung der Schule 40 000 000 F (1. Phase), Bau-Prämien 2 500 000 F, Beteiligung

am Altersheim in Mersch 2 500 000 F, Spielplatz „Frouhnert“ 500 000 F, Beitrag zum SIEDEC 3 415 000 F, Hächler 750 000 F, Kulturzentrum 6 000 000 F, Vergrößerung der Sporthalle 1 000 000 F, Modernisierung der Gemeinschaftsantenne 6 000 000 F, Stromversorgung zum „Wobierg“, „Hannert dem Uewen“ und „Jiksenhaff“ 3 000 000 F, Bushaltestelle bei der Schule mit Sicherheitsvorkehrungen 9 000 000 F, Vizinalweg zum „Wobierg“ 18 800 000 F, Erneuerung der Wasserleitung, der elektrischen Kabel sowie der Gemeinschaftsantenne in dieser Straße 9 700 000 F, Allzweckfahrzeug 4 500 000 F.

Gegen die Stimmen der Opposition genehmigten die Räte dann eine Vereinbarung zwischen der Gemeinde und dem Staat betreffend den Ankauf eines Geländes von 1,45 Ar gehörend der CFL zur Vergrößerung der Schule und Verlegung der Rue de l'Ecole zum Preis von 226 200 F.

Die Umänderung des Bauperimeters in der „Jauschwiss“ wurde mehrheitlich gutgeheißen. Hier wird eine kleinere Parzelle in die „Zone d'activité industrielle“ aufgenommen.

Einstimmig genehmigten die Räte ein Kaufversprechen zwischen dem Staat und der Gemeinde, womit letztere ein Gelände von 26 Ar für 390 000 F erwirbt. Dieses Gelände dient zum Anlegen eines Fußgängerweges zwischen der Rue de l'Ecole und „Op dem grouse Maes“.

Nachdem die Räte die „Déclaration de Barcelone“ unterzeichnet hatten, ernannten sie die Kindergärtnerin Mad. Bock-Damoiseau zur Vorschullehrerin. Anschließend gewährten sie zwei Lehrerinnen einen Mutterschaftsurlaub.

Zum Abschluß stand die Baugenehmigung des Immobilien „An Henckels“ an der Straße nach Colmar-Berg zur Diskussion. Der Nutznießer dieser Genehmigung, der Schöffe Guillaume Feidt, welcher den Tisch verlassen hatte, gab als Zuhörer die gewünschten Erklärungen und legte die Abschriften der erforderlichen Baugenehmigungen vor.

Abschließend bedankte Bürgermeister Ernest Wendel sich bei allen Ratsmitgliedern für ihre gute Zusammenarbeit im vergangenen Jahr und wünschte frohe Feiertage und ein erfolgreiches neues Jahr. Sein Dank und seine Wünsche gingen ebenfalls an alle Beamten und Arbeiter der Gemeinde, an alle Kommissionsmitglieder sowie an das Lehrpersonal.

# NOTIZBLOCK

**Beckerich.** - Gemeinderat. Am kommenden Montag, 29. Dezember, kommt der Gemeinderat aus Beckerich um 19.30 Uhr zu einer öffentlichen Sitzung zusammen. Vierzehn Punkte stehen auf der Tagesordnung, darunter die Anpassung verschiedener Taxen sowie der berichtigte Haushalt 1997 und der Haushaltsplan 1998.

**Biekerech.** - „Concert spirituel“. De Biekerecher Gesank invitiert op e „Concert spirituel“ an der Porkirch zu Biekerech, offriert von der „Chorale Ste-Cécile“ vu Lentgen, e Sonndeg, den 28. Dezember, em 16 Auer. Um Programm sti Wierker fir Chouer, Uergel a Bleiserquartett.

**Diekirch.** - Indoor Football Gala. E Sonndig, den 28. Dezember, organisiert d'Sektioen „Sports et Loisirs“ vun der Stat Dikrich sein 2. Indoor Football Gala an der Sporthal niewer der Piscine. Dëst Benefiztournoi, dat dest Jar d'Veenigung „Mateneen Doheem a.s.b.l.“ ennerstetzt, steet ennter dem Patronage vun der Gemeng Dikrich an der Arbiteren-Associatioun vun Norden (ARA) ausgerichtet. Et spille mat d'Equipe vun der Gemeng Dikrich, P & T, Brauerie, ARA, Spuerkeess, Gendarmerie, Polizei, Pompjeen a Protection Civile, Enregistrement, Dikricher Schoulen a Ponts et Chaussées. No de Qualifikationsmätcher, déi vun 13.30 Auer un ausgedroeg gin, an all Keier 15 Minutten daueren, get géint 18 Auer d'Final gespillt. Den Entrée kascht 100 Frang fir déi Erwuesen. Fir Iessen an Drénken as an der Buvette vun der Piscine gesuergt.

**Hengescht.** - Gottesdengschtuendung. Mar Sonndeg, den 28. Dezember, as em 15 Auer d'feierlech Mass fir d'Famill mat Kréppespill vun de Kanner. Des Mass get zsumme mat dem Grupp vu „Foi et Lumière“ vun Hengescht gefeiert. All Kanner si mat hiren Elteren age-lueden.

**Hepperdang.** - Virowendmass. Haut den Owend, de 27. Dezember, get d'Virowendmass em 19.30 Auer an der Porkirch zu Hepperdang gefeiert.

**Kauneref.** - Wanterwanderung. De „Syndicat d'initiative“ Kauneref invitiert op séng Wanterwanderung e Sonndeg, den 28. Dezember. Den Départ as em 14 Auer um Parking vum Hotel-Restaurant Zeimen an d'Wanderung dauert ongefieer zwouaneghalef Stonnen. Zum Schluss get et bei enger Juegdbud laanscht, wou ee bei

engem gemittleche Feier Glühwain, Kaffee, asw. offriert kritt. Duerno get et mat Faackelen zereck op den Départ. Am Restaurant Zeimen huet ee vun 18.30 Auer un d'Méigleche-keet, eng Choucroute garnie (500 F) oder fir d'Kanner Spaghetti (200 F) z'iesse. Reservatioun fir d'Isses gin um Tel. 83 91 72 uegholl.

**Léiler.** - Houmass. E Sonndeg, den 28. Dezember, as em 10.45 Auer d'Houmass an der Parkirch zu Léiler.

**Maarnech.** - Virowendmass. D'Virowendmass get haut den

Owend em 18 Auer an der Parkirch zu Maarnech gefeiert.

**Munzen.** - Gottesdengschtuendung. Mar Sonndeg, den 28. Dezember, as d'Mass em 9.30 Auer an der Parkirch zu Munzen.

**Wincrange.** - Concert. Sous le haut patronage du ministère de la Culture et de l'Union Grand-Duc Adolphe, un concert de clôture du stage d'orchestre d'harmonie organisé par l'Ecole de musique du canton de Clervaux aura lieu le mardi 30 décembre à 20 heures au centre culturel de Wincrange.



(Photo: Josette Rinnen-Koch)

## Gemeinde Weiswampach verabschiedete langjährige Mitarbeiter

Während einer gemütlichen Feier in der „Buvette du Musée“ in Binsfeld verabschiedeten sich die Arbeitskollegen und Angestellten sowie der gesamte Gemeinderat von drei ihrer langjährigen Mitarbeiter. Auch ihr früherer „Arbeitgeber“ Ehrenbürgermeister Mett Schon war zu dieser Feier geladen.

Am 16. August 1966 trat Josette Putz ihren Dienst als Raumpflegerin für das Schulgebäude in Weiswampach an. Ely Grotz ihrerseits tat ihren Dienst ab dem 1. Dezember 1978 in Binsfeld, wo sie nicht nur in der Schule sondern auch im Saal und im Bushauschen für Ordnung sorgte.

Willy Goebel wurde am 1. April 1972 als Gemeindearbeiter in Dienst gestellt. Die drei hatten aus gesundheitlichen Gründen vor einiger Zeit Krankenurlaub bean-

tragt und wurden nunmehr in den wohlverdienten Ruhestand entlassen.

Mit den besten Wünschen seitens der Gemeinde verabschiedete Bürgermeister Henri Rinnen die langjährigen Mitarbeiter und überreichte ihnen ein passendes Geschenk. Die Schöffen Jos Hentz und Leo Ludwig überreichten den Damen zum Abschied einen schönen Blumenstrauß.

J. C.

**Anzeigenannahme Wiltz**  
**Imprimerie de Wiltz**  
 20, Grand-rue  
 Fax: 95 80 88

UN BEAU CADEAU  
**THEOPHILE STEFFEN**  
*Nature et solitude*

Format 24 x 30 cm  
 216 pages  
 166 reproductions en couleurs  
 39 reproductions en noir et blanc  
 Imprimé sur papier couché mat 170g  
 Reliure pleine toile sous jaquette

**3.600.- F (TVA comprise)**  
 Commandes par virement  
 N° CCP 121 560-19  
**de l'IMPRIMERIE DU NORD**  
 Zone Industrielle Walebroch - DIEKIRCH  
 avec la mention «Nature et Solitude».

Egalement en vente dans les librairies.

# Eng KLACK fir eis SPROOCH

## Statistiken a sauer Mous ...?

Wat huet dat mateneen ze din, oder wat as den Ennerscheed? Mä d'sauer Mous (an nët Sauerkraut!) as ëmmer Kabes...

A wann ech mech nët iren, dann huet den Churchill emol gesot: Et get dräi Zorte vu Ligen ... klenger, grousser a Statistiken.

Dat Allerkriddlegste as ower, datt d'Resultater vun esou Statistiken an Emfroen esou gefaalt, gediebelt, gerullt, geknächst ka gin ewéi Plastilin ... an da get et dee Mönnechen, deen ee gäer hätt oder brauch.

Eng Emfro iwer d'Sproochgebraicher (an och nach „au pifomètre“ iwer Telephon!) as bei äis am Land eng ganz speziell Saach, well d'Antwerten dacks zwee oder dräi Gesichter hun ... an deen, deen d'Antwort get, huet keent! Mä da verkleet een dat Ganz mat geléierten Ausdréck („fourchette représentative“, „moyenne pondérée“) an et dréint een et duerch eng Millen, déi Zuelen a Prozenter „relativéiert“, an et seet een et kéim vum CRP-CU, an da klénkt dat och nach wëssenschaftlech ... a wien et nët gleef, dat as nun emol en ongehüwewelten Topert.

Mir hun z. B. hei am Land (nach ëmmer) 66,7% Lëtzebuerg, mä an deer Emfro iwer d'Sprooch fanne mir der nëmme 48% ... mat engem schéine „gudde Moien“ un „d'Représentativitéit“. Do stëmmt jo d'Fëllement ewell nët; da kann ee sech denke wéi zollt datt de Bän as.

Fir klor ze weise wéi et mam Vergläich mat „Statistik / sauer Mous“ as, dann dat hei: Do get stur a steif behaapt 47% vun de Leit (alleguer!) hei am Land gifen hir Familienannöncen op Franséisch maachen, 41% op Lëtzebuergesch an 8% op Däitsch; d'Lëtzebuerg selwer wiren do mat hirer Sprooch bei 57% ... sauer Mous! ... wien „d'Wort“ an „d'tageblatt“ vun de leschten 12 Méint hëlt an déi Annöncen zielt, dee kënnt op ronn 80% lëtzebuergesch Familienannöncen, esouguer (ee Gléck!) mat ganz villen nët typesche lëtzebuergesch Nimm; 80% vum Total.

Wann een dann och nach eng Zeitung opmecht an des Iwerschréit iwer dat statistesch Gehäck liest: „le français est la langue la plus connue au Luxembourg“ ... da gesäit een, datt de Verglach mat de Plastilinsmännercher nët esou falsch as; dee Saz as op d'mannst zweedäiteg, well doraus liest ee poullricht, mir hätten e franséischsproocheg Land. Dat stëmmt genee esou mann wéi datt Lëtzebuerg däitschsproocheg wir.

E gudde lëtzebuergesch Ausdröck, deen iwregens keen aneren ewéi mir versteet, passt giedlech heidrop: Quetsch och! L. R.

## Am Numm vum Papp a vum Jong... oder Son?

Mir sin ewell méi dacks vun eise Mëmbere gewuer gin, datt si de „Son“ an der Kiirch esou gelunge fannen.

Aus deem Däitschen „Im Namen des Vaters und des Sohnes...“ as op ville Plazen „Am Numm vum Papp a vum Son...“ gin, an et mengt een do wirklech all Kéier, et gif ee kee Lëtzebuergesch méi héieren, mä Däitsch oder Hollännesch.

Dofir eise gudde Rot: Wir et nët vill méi schéin, wa mir géife bidden: Am Numm vum Papp a vum Jong a vum hellege Geesch!“

All déi Leit, déi äis dorop gestouss hun, géife sech doriwwer freën, a mir selwer sech am viraus e ganz décke Merci. Z. r.

**ACTIOUN LËTZEBUGESCH EIS SPROOCH**

Adressen: Breedewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg  
 Postkëscht 98 L-2010  
 Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89

Cotisatioun/Mëmbere: 500 Frang d'Jor

Postcheck: 6644-48



Redaktioun vun dëser KLACK:  
 Lex Roth, Felix Ternes, Paul Wimes, Roby Zenner,  
 an de Comité vun der Actioun -Lëtzebuergesch  
 Nächst Klack (39): 31. Januar 1998

## Fir dat neit Jor

wëlle mir an dëser Klack emol op eng aner Manéier wënsche wéi dat gemenkerlech geschitt ... mat e puer Gedanken ... fir an eiser haseleger, bëseleger, stresserger Zäit ze bedenken. Hei sin zwéin Texter, déi an hirer lëtzebuergesch Form datselwecht seer a bedeute wéi an hirer Original-Sprooch, dem Däitschen an dem Engleschen:

- Ech wënschen der Zäit fir ze liewen**
- Ech wënschen dir Zäit, dech ze freën, ze laachen,
  - Well nëmme esou kann s d'eppe draus maachen.
  - Ech wënschen dir Zäit z'iwverleën, ze denken,
  - An och ze genéissen, grad wéi ze verschenken.
  - Ech wënschen dir Zäit ze rouen, ze raschten,
  - Si soll dech nëmme keng Nerve kaschten.
  - Ech wënschen dir Zäit, nët fir ze verdriewen,
  - Ech wënschen, si soll der nach iwwegbleiwen
  - Als Zäit fir alles gutt unzucken
  - Aplaz no der Zäit an op d'Auer ze kucken.
  - Ech wënschen dir Zäit no de Stärren ze gräifen,
  - An Zäit fir ze sangen an och fir ze päifen.
  - Ech wënschen dir Zäit op dech opzessan,
  - Et as nët gutt, déi Zäit ze verpassen.
  - Ech wënschen dir Zäit zu dir ze fannen,
  - All Dag, all Stonn als Gléck ze gewinnen.
  - Ech wënschen dir Zäit fir Schéines z'erliewen,
  - Ech wënschen dir Zäit a Rou fir ze liewen!

- E léift Laachen,**
- dat kascht näischt, ower et bréngt vill.
  - Et mecht déi méi räich, déi et kréien,
  - a kee méi aarm, deen et get.
  - Et dauert just een Ament,
  - mä et kann ee sech dacks éiweg drun erënnern.
  - Keen as räich genuch, fir et nët ze brauchen,
  - keen ze vill aarm fir et nët dowäert ze sin.
  - Et bréngt Gléck doheem an hëllef iwverall.
  - Et as e Stéck Frëndschaft, dat ee spiirt.
  - E léift Laache get deem Rou, dee midd as,
  - an deem Courage, dee kee méi huet.
  - Et as nët ze kafen, nët ze léinen a kengem ze huelen;
  - well et eppes as, dat nëmme vun do un
  - e Wert huet, wou een et get.
  - A wann s Du emol engem Mënsch begéins,
  - deen nët ëmstand as, léif ze laachen,
  - da maach Däin Häerz op a laach Du him,
  - well et huet keen e léift Laache méi néideg
  - ewéi deen ... deen aneren nët léif laache kann!

(Aus „Ich wünsche dir Zeit“ vum Elli Michler fräi vum Felix Ternes op Lëtzebuergesch iwwersat).

(Auteur?... an enger Dokteschpraxis vun enger Plakat erof aus dem Engleschen iwwersat.) L. R.

## UGDA: Lëtzebuerg Lidder

Eng vun eise gréissten an am beschte geféierten Organisatiounen as „d'Union-Adolphe“. Den Numm vum Grand-Duc Adolphe seet eise ewell, datt dës Federatioun vun de Musekgesellschaften zum traditionelle Stack vun eisem kulturelle Liewe gehéiert, an zwar wäit iwer 100 Joer.

„Lëtzebuerg Lidder“, eng Bommen-Iddi vun hire Federatiounsdirigenten. 16 eiser Lidder op CD an op Cassette, mat emgem flotte Bichelche fir d'Texter, vun 12 Kanner-Chorale gesong ... eng Gellecht!

Wien en Häerz fir eise Sprooch an hir Lidder huet, a sénge Kanner

déi wëllt mat op hire Wee gin, oder eise klenge Frënn wëllt e flotte Cadeau maachen ... hei as et!

Iwer Telephon (46 25 37 / 46 25 37) oder Fax (47 14 40) kënnt dir bestellen (600 F ofgeholl / 670 F geschéckt).

PS. D'Actioun-Lëtzebuergesch kënnt am Januar 1998 mat der UGDA beieneen, fir e Plang a Programm fir eng Zesummenaarbecht opzestellen. Mir freën eise drop! AL

## Rout Lëscht - Gréng Lëscht

Datt eis Sprooch es am meeschte kritt, wann si vrum Mikro (egal wou!) verhonst get, dat as eng „operluegt“ Saach. Datt si der ower och onheemlech do laanscht d'Répper an op d'Bëls kritt, wou „gewielte Volleksverrieder“ am Numm vun de Lëtzebuerg (an hirer Sprooch!) schwätzen, dat as grad esou klor, aremséileg a geféierlech ... liest d'Chämberblättchen emol op d'Sprooch duerch, da kënnt dir vu mueres bis owes laachen... wann et nët fir ze kräische wir.

Dat vill rondrém Geschwätz an dat stéckelcherweis Geschreifs wëlle mir dann ower elo mol zerguttst op e Punkt bréngen, dat heescht an en Heft, eng Extra-nummer (20.) vun der Actioun-Lëtzebuergesch. An deem Bichelche vu ronn 40 Säite fannt dir 500 Beispiller, wéi eis Sprooch um Mikro an och an der Chämber noneegemaach get, a mir bréngen 300 Wieder an Ausdréck, déi amgang sin, muttwël-

les ermëlzt an ewechgehäit ze gin. Mir schreien och, duerch wat, a mir schloe wir, wéi een et fir eis Sprooch besser kënnt maachen. Natierlech kréien eis Mëmbren dat Heft alleguer; mä mir drécken der genuch, fir datt all Journalist, jidfer Politiker a vläicht och Schoulpersonal sech kënne an dee Problem knéien.

Mir sin äis bewosst, datt äis op dës Actioun geäntwert get, dat wir „puristisch, normativ“ an esouguer konservativ a fanatesch; mä da kënnt dann d'meescht vun zwou Zorte Leit: 1) vun denen, déi behaapten, en Hond wir rosen, fir e kënne ze erschëssen; 2) vun denen, déi 3 Deeg an eng Eiwegkeet iwer e Saz aus engem Gedicht kënne saften. Wien d'Lëtzebuergesch éierlech a klor als e Stéck vun eiser eegener kultureller Émwelt gesäit, deen hëlt sech dat neit Bichelchen op de Leescht... an zu Häerz!

P. W.

## Eis Resistenz

Wat d'Actioun-Lëtzebuergesch zënter 27 Joer mecht, dat as eng Zort vu Resistenz géint dat muttwëllest Futtimaache vun eiser Sprooch als Element vun eiser Identitéit a Kultur ... mä d'Gefor“ as just déi, datt dem dacks dofir veruuzt a verdömmelt get, an dat natierlech vun deerselwechter Zort vu Leit, déi sech mat hirem iwerleéenen Zynismus „an der Zäit“ verfuusst hun / hätten, wéi et doutgeféierlech war, fir eise Land a séng Fräiheet e geruete Réckstrank ze behalen. Déi kenne mir!

Mir hun dëslescht dem „Conseil national de la résistance“ geschriwen a gefrot, fir äis mat der Resistenz zesummenzuseetzen, an iwer Actioun fir eis Sprooch ze schwätzen. Hir Antwort war klor an däitlech jo! A mir maachen äis eng grouss Eier draus, e Saz aus dem Bréif vum CNR un d'Actioun-Lëtzebuergesch ze publizieren: „Mir si frou, datt Dir center Joren nët midd git, eiser Sprooch op alle Plange viraanzehëllefen. Villmools merci am Numm vun der Lëtzebuergesch Resistenz!“

Wann dat kee Compliment vun deer richteger Plaz fir d'AL an hir Mëmbren as ...!

AL